

Risiken bei Freizeitaktivitäten im Kinder- und Jugendbereich vorbeugen

Die Sorge vieler Jugendbetreuer: Was tun im Notfall?

„Lëtzebuergger Guiden a Scouten“ und „Service national de la jeunesse“ schaffen Abhilfe mit neuer Broschüre

Inwieweit bin ich für die Kinder und Jugendlichen verantwortlich? bin ich überhaupt versichert? Und wie soll oder muss ich mich im Ernstfall verhalten? „Das sind typische Fragen verantwortlicher Betreuer im Jugend- und Kinderbereich“, erklärt Christiane Wolter-Walisch, Generalkommissarin der „Lëtzebuergger Guiden a Scouten“ (LGS). Deshalb sei die Idee entstanden, eine konsequente Sicherheitspolitik und -kampagne zu starten, woraufhin die LGS beschlossen hätten, eine Sicherheitsbroschüre auszuarbeiten. Zusammen mit dem „Service national de la jeunesse“ wird sie jetzt herausgegeben.

Auch spezifische Fragen wie „Was muss ich bei welcher Art von Freizeitaktivität berücksichtigen?“ seien in der Broschüre aufgegriffen worden, unterstreicht Christiane Wolter-Walisch. Jedoch auch die verschiedenen Versicherungsmethoden im Freizeitbereich und Vorschläge, was im Notfall getan werden muss, findet der Betreuer in der Broschüre.

Im Rahmen der Sicherheitspolitik wurde bei den LGS auch ein Sicherheitskommissar ernannt: Georges Faber. Daneben wurde auch ein Not-Telephon ins Leben gerufen. Hier kann der Betreuer in Notsituationen anrufen und



Bunte Plakate sollen mit einfachen Zeichnungen und kurzen Texten den Jugendlichen die nötigsten Sicherheitsmaßnahmen vermitteln. (Photo: Marc Wilwert)

erhält durch die Kontaktperson die nötige Unterstützung. Nicht nur die LGS sind im Jugendbereich tätig, auch der „Service national de la jeunesse“, kurz SNJ, organisiert viele Freizeitaktivitäten und Reisen für Kinder und Jugendliche. Deshalb wurden die Guidelines der Pfadfinder über-

arbeitet und ein pädagogisches Dokument erschaffen, das Verantwortlichen von Jugendgruppen helfen soll, Risiken vorzubeugen. Zur besseren Veranschaulichung wurden Hinweistafeln entworfen, die an verschiedenen Orten aufgestellt werden können.

Der SNJ organisiert zukünftig zusammen mit den katholischen Pfadfindern verschiedene spezialisierte Lehrgänge für Jugendbetreuer an Wochenenden. Daneben haben die LGS und der nationale Jugenddienst auch eine Broschüre herausgegeben, in der alle Wochenendhäuser,

Jugendlager u. ä. aufgelistet sind, die Jugendgruppen eine Übernachtungsmöglichkeit anbieten und deren Sicherheitsstandards von der „Inspection du travail et des mines“, kurz ITM, kontrolliert und für gut befunden wurden. Lehrer und Betreuer finden hier ein Photo der Unterkunft sowie Informationen u. a. über die Bettenkapazität, den öffentlichen Transport (Wie weit ist die nächste Bushaltestelle entfernt?) und ob die Einrichtung behindertengerecht ist. Eventuelle Änderungen werden auf der Internetseite der SNJ vermerkt, da eine regelmäßige Neuauflage den Kostenrahmen sprengen würde, erklären die Verantwortlichen.

SNJ-Direktor Georges Metz lobte die gute Zusammenarbeit zwischen seinem Institut und den katholischen Pfadfindern. Dies sei ein Beweis dafür, wie gut das Zusammenspiel zwischen dem Staat auf der einen und Kinder- und Jugendorganisationen auf der anderen Seite funktionieren könne. So stelle er sich das auch in Zukunft vor: Die Organisationen leisten eine gewisse Vorarbeit und der Staat ist in einer späteren Entwicklungsphase, auch durch finanzielle Unterstützung, behilflich. (sam)

109

eng KLACK fir eis Sprooch

ACTIOUN LËTZEBUGESCH – EIS SPROOCH

53a, Glesenerstrooss – L-1631 Lëtzebuerg-Gare
Tel.: 470 612 – Fax: 222 490
E-Mail: friedjan@pt.lu – faberre@pt.lu – lexroth@pt.lu
Cotisatioun/Member: 13 € – CCPL IBAN LU75 1111 0066 4448 0000



Eise Comité an d'Redaktioun:

Claude BACHE, René FABER, Jeanny FRIEDERICH, Pierre-Paul FRIEDERICH, Henri MARBES, Lex ROTH, Roby ZENNER, Pol WILMES a Marvine V.

Nächst Klack (110): 23.4.2005

Eis Sprooch an d'Constitutioun

AL – D'Lieser vun eiser KLACK wëssen, datt d'Thema „Lëtzebuergesch an eisem Grundgesetz“ äis net nëmmen um Häerz läit, mä och am Verhalt an um Iwwerleeës. Ass dat stuer? Verbruet? Tockeg? Vläch. Konsequenz: ganz sécher!

Mir ginn äis nun emol net, well mir dovun iwwerzeegt sinn, datt eis Sprooch aus honnert Ursachen an d'Verfassung gehéiert. Net einfach fir „gutt ze maachen“, mä als eent vun de wichtigsten Elementer vun eiser Existenz, eiser Identitéit a fir d'Integratioun! Dat hunn iwregens d'Chamber-Fraktiounen vun alle Parteien och esou gesinn, mat deene mir gutt Reunionen haten (CSV-LSAP-DP-ADR). Ganz besonnesch de President vun der Constitutiounskommissioun, Paul-Henri Meyers. Do war / ass keng Mauer, kee Gruef, keen Zonk. Wourun et hält: Zäit a Prozedur, soss näischt.

An dësem Sënn verrode mir och keng Verstopperi, wa mir iech haut den Haapt-Text vun engem Brëif vun der L.P.P.D. (Ligue vun de Lëtzebuergger Politesche Prissonnéier an Déportéierten) ze liese ginn, deen eng vun den Äntwerten op eist Schreiweis un all patriotesch Organisatiounen an apaart d'Enrôlés de force victimes du nazisme ass, déi am „Comité Directeur du Souvenir de la Résistance“ vertritt sinn. Dëst fir ze weisen an ze ënnersträichen, datt mir (an dir?) net eleng mat eisem Uleies sinn:

...nodeems datt den 10. Oktober 1941, op Bedriewe vun de Resistenzorganisatiounen, d'Lëtzebuergesch als Nationalsprooch plebiszitëiert gouf, wier et gelungen, wa mir äis haut net mat leschter Konsequenz zu dësem Akt bekenne géifen; zemol well och nach 1984 dës Actioun hir offiziell Unerkennung fonnt huet, doduerch datt si vu Chamber a Regierung als Nationalsprooch déklariert gouf.

Mir fänke jo schons un ze bedauern, datt eist Land sech an aller Modestie enthalen huet, fir dem Lëtzebuergesch an seng Unerkennung als europäesch Sprooch an der EU ze froen, a sinn der Meenung, datt elo, wou méi kleng Länner esou eng Unerkennung verlaangt hunn, Lëtzebuerg sech net méi an den Eck stelle sollt.

Als éischte Schrëtt ower verlaange mir als Vertrieeder vun deenen, déi am Krich fir hir Heemecht an de Prisong oder an d'KZ gongen oder an den Osten ëmgesidelt goufen, datt eis Chamber sou séier wéi méiglech d'Lëtzebuergesch als eis Nationalsprooch an eis Constitutioun aschreiwle léisst.

.....
René KERSCHEN, President
Aloys RATHS, Vice-Président
Adrienne JACOBY, Secrétaire gén.

Domat wier jo dann alles gesot ... et brauch nëmmen méi gemaach ze ginn! Merci am Virus.

Den Tunn Meyer (1801-1857)

... an de Roger Muller

P.W. – Stodent am Staatder Atheneum, duerno op der Sorbonne an am Collège de France zu Paräis. Mathematikprofesser am lechternacher Kolléisch, duenn op der Université libre de Bruxelles (ULB); Ordinarium vun der Faculté des sciences vun der Universitéit Léck; eminente, Spezialist vun der *théorie des intégrales définies*, zu senger Zäit **en Top-Intellektuelle vun europäischem Rang** ...

Mä dat läit jo alles himmelwäit vun eiser Sprooch ewech, gelldir. An ower ass deen héichgeléierte Fiston vum Schouster Hubert Meyer aus der Dräikinneksgaass **de Papp vun der publizierter Literatur an eiser Sprooch**. Hie guf ee vun den dichtegste Lëtzebuergervum 19. Joerhonnert ... dofir hätt den Tunn Meyer och vläch eppes méi verdéngt ewéi eng zimlech Niewestrooss zu Hollerech. Mir tippen op e Medaillon vum Meyer op sengem Gebuertshaus.

De Mathematik-Akademiker Meyer huet 1829 dat éischt Bichelchen op Lëtzebuergesch erausginn: **E Schreck op de Lëtzebuergger Parnassus**. Deen héichgebengten Titel huet knapps eppes mat engem „parnasseschen“ Dichtertalent ze dinn; dat hat de Meyer net an huet et selwer gewosst ... seng plazeweis „satanesch“ Versen hate munnech verdréint Hannergrënn, déi de Professor Roger Muller äis elo an engem genessege Buch virgestallt huet: sozialer, politescher, ganz perséinlecher, gelungener, kauzeger. Den eminente Literaturwissenschaftler Roger Muller huet äis Grënn an Hannergrënn wéi keen Zweeten auserneegedunn. Wien eppes vun eiser Sprooch an op si hält, dee kann sech dat net entgoe loosse. Et ass a sengem Genre eng Gellecht! Dir kritt et an alle gudden Bicherbutteker ... mä ganz kloer beim Editeur, eisem **„Centre national de littérature“ zu Miersch**, wou deesewechte Spezialist mat der Madame Direktesch Germaine Goetzinger an dem Sproochwissenschaftler Gast Mannes immens gutt Saache fir eis Sprooch a Literatur mécht. Mir wäerten dat dëst Joer gelleg ze éiere wëssen. Mat der Sëlwer Éiereplack DICKS-RODANGE-LENTZ!
Antoine Meyer: „E Schreck op de Lëtzebuergger Parnassus“ – „Jong vum Schreck op de Lëtzebuergger Parnassus“, virgestallt a kommentéiert vum Roger Muller, Lëtzebuergger Bibliothéik 12, Editions du CNL 2004, 204 Seiten, ISBN 2-919903-05-5

„Eises 100% 80% 60 %“

Eis Wieder an Ausdröck-Actioun fir „typescht Lëtzebuergesch“ an der Bedeitung oder am Gebrauch ass nach voll am Lafen. Si gräift vill méi wäit, wéi mir äis dat geduecht haten, wonnerbar!

Fir d'Ouschteren dann e flott klengt Beispill: „Frohe Ostern!“ – „Joyeuses Pâques!“ ... iwwerall geet et fir d'Ouschteren ëm Freed. Eise Sproochgebrauch ass do, wéi op ville Plazen, méi gedam, manner „explosiv“ a vill méi verhalen: „Schéinen Ouschterdag ... schéin Ouschteren ... Schéi Feierdeeg“. Typesch oder net? Mir wënschen iech se op jidde Fall! ... a firwat net mat e bësse „Gegrimms“ iwwer eiser Wieder? (* = méi Bedeitung)

ofhuelen
ommelzeg
op een/eppes flecten
op ... enger Plaz schaffen
opfueren
opfieren*
oplafen*
ophalen*
oplammelen

oprafen
opstécken
Päifenneioschdag
Päiperlek
Pällem
Paltong
Paltong zéien
Pang(k)ech
pänzeg

Panzrapecht
Pap
papeg*
Paschtéitchen
passen*
Passett
Passwitt
Pastatschutta
patschen

Pingeleg?

H.M. – Wien dat Wuert am Lëtzebuergesch gebraucht, weist nëmmen, datt hien **ze déif an den ARD, den ZDF, den RTL, de SAT3 oder aner däitschsproocheg Programme gekuckt** huet. Mir sinn 100% sécher, datt eis Elteren an eis Grousseltere keen Donst vun deem däitschen Ausdröck haten. Dat war, ass a bleibt ganz einfach KRIDDELEG. Sot elo net, mir wiere „kriddelschasseg“. Kommt och net mat „normativem Purismus“ gefuer. Dat sinn hannerwänneg Ursachen, fir ze verstoppen, datt et engem egal ass ... an dees muttwëllege Kabes kraucht kéipweis an eis Sprooch eran. Vun normaler Erosioun oder Evolutioun kann hei einfach keng Ried sinn.

Watgliff?

M.V. – Huet dir ewell driwwer nogeduecht, datt deen Ausdröck a kenger vun eise soss bekannten a gebrauchte Sproocher richtewech ze iwwersetzen ass? Probéiert emol op däitsch, franséisch oder englesch, **„engem watgliff“ ze soen**. Do musst dir (semantesch) am Krees rondrëm lafen, ower méi daitlech, kloer an einfach ewéi op Lëtzebuergesch geet et ganz sécher net.

d'WORT

P.W. – „d'WORT“ ass e **Markenartikel**, an elo eng **lëtzebuergesch Vokabel**, laanscht déi an der Zukunft keen Dictionnaire vun eiser Sprooch méi kënt. Grad ewéi *Gillette, Passe-Vite, Ferrodo, Visegrip, Aromat, Maggi, Aspro, Cognac* ass aus engem Numm / Titel e Begrëff ginn, wéi der an anere Sproocher honnerten entstan sinn a weider opkommen ... domat guf d'WORT en typesche Lëtzebuergesch Ausdröck mat enger eegner Bedeitung (Semantik), dee wäit iwwer den allgemengen Ausdröck *parole, mot, Wort, word* eraus geet. Merci un d'Direktioun a bravo fir d'Redaktioun!

34. Generolversammlung vun der Actioun-Lëtzebuergesch gegrënnt 1971

fir eis Membren a Frënn
e Samschdeg, den 2. Abrëll 2005
mëttes um 3 Auer
am Café „um Dierfgen“
6, Casinosgaass (Côte d'Eich) an der Stad
de Comité offrëiert de Patt!